N° 3904
Entrée le 08.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 3904 vum 10. Abrëll 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen.

Den honorabelen Deputéierte freet am Kader vu senger parlamentarescher Fro, ënnert wéi enge Bedéngungen e/eng Chauffer*euse kuerzfristeg mat sengem Gefier, dat Persoune mat enger Behënnerung transportéiert, eng reservéiert Parkplaz fir Persoune mat enger Behënnerung notze kann.

*1. Ënnert wéi engen Ëmstänn erlaben déi aktuell Verkéiersreegelen, dass ee Gefier, wéi zum Beispill ee Minibus, dat Persoune mat enger Beanträchtegung transportéiert, eng Parkplaz fir Leit mat enger Behënnerung dierf notzen?*

De Code de la Route mécht e kloren Ënnerscheed tëscht „arrêt“ an „stationnement“. En Arrêt entsprécht enger kuerzer Immoblisatioun wärend der Zäit, déi néideg ass, fir Persounen eran- oder erauszeloossen. De Stationnement geet iwwert dës Zäit eraus.

Doraus ergëtt sech, dass e/eng Chauffer*euse, dee mat sengem Gefier eng Persoun mat enger Behënnerung op hiert Zil bréngt oder do ofhëlt, fir d’Eran- oder d’Erausklamme kuerz hale bleiwe kann, soulaang dat op déi strikt néideg Dauer limitéiert ass.

Fir awer op enger reservéierter Plaz fir Persoune mat enger Behënnerung däerfen ze stationéieren, muss allerdéngs eng valabel Parkingskaart fir Leit mat enger Behënnerung op den Tableau de bord vum Gefier geluecht ginn. Hei kann d’Kaart vun der Persoun selwer benotzt ginn, falls si esou eng huet. Nieft dëse perséinleche Kaarte ginn et och Kaarte fir Institutiounen an Associatiounen, dorënner och verschidde Betreiungsstrukturen oder Haiser, déi Persoune mat enger Behënnerung oder eeler Leit encadréieren; dës Kaarte sinn dann net op eng spezifesch Persoun, mee op e bestëmmt Gefier ausgestallt.

*2. Falls et net erlabt ass, géif d'Ministesch op de Wee goen, fir hei méi flexibel Reegelen opzestellen? Falls net, firwat net?*

Den aktuelle Kader erlaabt haut schonn deen Arrêt, deen néideg ass, fir Persounen sécher eran- oder erauszeloossen, a reservéiert de Stationnement op dëse Plazen de Fäll, an deenen eng valabel Kaart virläit. Eng weider Flexibiliséierung géif de limitative Charakter vun dëse Plazen a Fro stellen a kéint dozou féieren, dass si manner disponibel si fir déi Persounen, fir déi se eigentlech geduecht sinn. Et ass dofir net virgesinn, an och net néideg, déi aktuell Reegelen an dësem Beräich ofzeänneren.

Lëtzebuerg, den 8. Mee 2026

D’Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes